

Réunioun vum 25 Oktober

Présences: Ana Marques, Jorge De Sousa, Simone Frank, Linda Chrétien, Isabel Dos Santos Marques, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Alexandra Tarantini, Eliane Barthel-Wians

Excusé: Cédric Jacques

Als éischt goufen déi verschidden Commissiounen mat hirer respektiver Besetzung opgezielt

- éducation: Sabine + Simone (réserve: Eliane B.)
- cantine: Alexandra + Linda (réserve: Isabel)
- sécurité: Jorge + Claude (réserve: Simone)
- projet d'établissement (Josy helps): Eliane K.+Astrid (réserve: Sabine)
- FAPEL: Eliane K.+Astrid (réserve: Ana)

Wat d'Assemblée générale ubelaangt, milt de Jorge dem Simone d'Nimm vun de Memberen an all dénen déi cotiséiert hunn. D'Simone huet sech bereet erklärt sämtlech Etiquetten um Computer ze machen.

Kirzlech kruten mir eng Demande vum SEPAS vir e Microondes fir de Restaurant ze finanzéieren , dat Kanner déi entweder allergesch oder schlecht situéiert sinn hiert Iessen kennen wiermen.

Et gouf décidéiert dat d'Eliane B. d'Martine vum SEPAS fir d'nächst Versammlung vum 7ten Dezember soll per Bréif invitéieren.

D'Eliane K. hat sech bereet erklärt e Speech virun den Elteren vu Garnech dénen hir Kanner orientéiert ginn ze halen.

Dank dem Jorge a sénger Equipe (Velo fueren fir e gudden Zweck) Krut den Elterecomité e Subside vun 750 € well mir den Dag gehollef haten, sief et mam Matfueren oder beim organisatoreschen Oflaaf .

Am ganzen haten 1150 Männer a Fraen matgemeet. Nach eng Kéier  
Merci Jorge.